



No 2 / 2007

D'Generalversammlung vun der MOIEN asbl .....	1
2 Witzer .....	2
La déclaration du Premier Ministre sur l'Etat de la Nation .....	3
Visite: Retour de BABEL.....	3
Dräi kleng Gespréicher.....	4

### **D'Generalversammlung vun der MOIEN asbl**

E Freideg, den 23. Mäerz 2007 hat eis Asbl hir [Generalversammlung](#) am « Korschhaus Beim Engel » an der Stad.

#### Am Comité 2006 waren:

- Jacqueline WEBER-MESSERICH – Presidentin
- Geneviève MAGNETTE-BARTHEL – Vice-Presidentin
- Jeanne NAU-DIDLINGER – Sekretärin
- Mili TASCH-FERNANDES – Trésorière
- Marie-Thérèse GOUDEN-HEINEN – Trésorière adjointe
- Denise HEIDERSCHIED
- Marianne JOHANNIS-SCHLECHTER
- Marco GARCIA
- Yves CHARPENTIER

Eis Haaptaktivitéit huet 2006 an der Organisatioun vu [Lëtzebuergesch Coursë](#) bestan. Mir hu Coursë ginn an de Gemengen:

Stroossen – Diddeleng – Monnerech - Lëtzebuerg

Dat waren :

en [Orthographiescours](#) am Fréijoer 2006 - mam MEN conventionéiert, mat 11 Aschreiwungen

Am Schouljoer 2006/2007

6 [generell Coursen](#) - mam MEN conventionéiert - Niveau 1,2,3,4, op 2 Semesteren opgedeelt

1 Orthographiescours an 1 [Conversationscours](#)

mat insgesamt 84 Aschreiwungen

Ausser deene Coursen hu mer an Zesummenaarbecht mam [Service National de la Jeunesse](#) fir jonk europäesch Volontairen, déi am Kader vum Kulturjoer 2007 u Projete matschaffen, e Cours organiséiert. D'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch gehéiert zu hirem Kader- a Formatiounsprogramm.

- fir „Objectif Plein Emploi“ (OPE) hale mer Coursë fir 5 kleng Gruppe vum Personnel encadrant (verschidden Niveauen) zu Schëffleng,
- a fir 1 Grupp (schonn am 2. Niveau) vu Salariéë vun OPE (Leit déi mam OPE an enger Beschäftigungsinitiativ schaffen).

Mir hunn awer och e puer flott [Visiten](#) ugebueden:

Visite vum FOND DE GRAS, de 24. September 2006

Visite vun den NATIONALARCHIVEN  
de 15. November 2006 an den 22. Nov. 2006

Visite vun der STAD, den 10. Februar 2007



### Mediepräsenz

- Interview an der Sendung Regionalkultur vum 16.12.2006 um Radio 100.7 zum Thema « Lëtzebuergesch-eng Sprooch ouni Futur? »
- Regelméisseg bei der Mikrowell op RTL mat engem klengen Orthographiesspill fir d'Leit ze sensibiliséieren a Reklam fir eis Coursen ze maachen.

### Infoblat

Esou wéi eise Motto vun der A.s.b.l. « Eng Bréck fir eis Sprooch », wollte mir eng Informatiounsbréck zu eise Memberen. Am Dezember 2006 ass eist éischt Infoblat erauskomm, dat Der vun do u regelméisseg kritt.

### Festival des Migrations de Cultures et de la Citoyenneté

Do hate mer, wéi och schonn d'lescht Joer e flotte Stand, deem narwell vill Zoulaf hat.

Mir wëllen op dëser Plaz nach eng Kéier dem **Christiane Ehlinger** Merci soen, dat eis Generalversammlung mat enger flotter Liesung a spannende Geschichten ofgeschloss huet.



### **2 Witzer**

- Dir kritt fir unzufänken 1200 Euro de Mount, duerno méi.
  - An der Rei, da kommen ech duerno.
- ✘
- Gëschter hunn ech mech virgestallt fir an engem Film matzespillen. Ech sinn de ganzen Dag geridden.
  - An, hues de d'Roll kritt?
  - Neen, ech net, awer d'Päerd.

## La déclaration du Premier Ministre sur l'Etat de la Nation (9 mai 2007)

Voici le résumé fait d'une partie du discours par le Service Information et Presse du gouvernement:

### "4) Intégration des étrangers

- *Le gouvernement propose un projet de loi sur l'immigration qui a pour buts:*
  - *de promouvoir l'intégration afin de maintenir la cohésion sociale,*
  - *de pousser l'intégration sur base de nos valeurs constitutionnelles,*
  - *de permettre la participation active à la vie économique, sociale et culturelle du pays,*
  - *régler de façon nouvelle le regroupement familial.*
- *Afin de faciliter l'intégration des étrangers, une loi introduira un congé "luxembourgeois" qui permettra un congé de 80 heures pour apprendre la langue luxembourgeoise."*

Dir fannt den integralen Text vun der Declaratioun an och déi franséisch Iwwersetzung um Site vum Service Information et Presse vun der Regierung [www.sip.lu](http://www.sip.lu)

Vous trouvez le texte intégral de la déclaration ainsi que la traduction française sur le site du Service Information et Presse du gouvernement [www.sip.lu](http://www.sip.lu)

---

### Visite: Retour de BABEL

Am Kader vun eise kulturellen Aktivitéite bidde mer eise Memberen eng Visite vun der Ausstellung « Retour de Babel » zu Diddeleng (Anciennes Aciéries). De Rendez-vous ass de 7. Juli ëm 17.00 Auer bei der Entrée vun der Ausstellung. Duerno gi mer zesummen iessen.

Dans le cadre de nos activités culturelles nous vous proposons une visite de l'exposition « Retour de Babel » qui a lieu aux anciennes Aciéries à Dudelange. Nous vous donnons rendez-vous le samedi 7 juillet à 17 h à l'entrée de l'exposition. Après la visite, nous irons manger ensemble.

*« De l'**émigration** du Luxembourg à l'**immigration** au Luxembourg, c'est à travers des portraits, des histoires de vie individuelles, familiales, sociales que le phénomène global et anonyme des migrations sera présenté à l'échelle de l'homme. »*

Entréespräis fir d'Ausstellung : 5 Euro  
Gitt dir mat äis iessen ? Jo - Neen

Mellt Iech, w.e.g. bis den 2. Juli un (Tel : 26 311 343)

Prix d'entrée de l'exposition : 5 Euro  
Participation au repas ? Oui - Non

Date limite d'inscription : le 2 juillet (tél : 26 311 343)



---

## Dräi kleng Gespréicher.

"Moien, ech wollt froen ob, also et ass esou, ech weess net onbedéngt, mä ech hu Schwiereregkeete mat där neier Maschinn, ech ..."

"En français s.v.p.!"

*Uf, a wéi erklären ech deem dat elo op franséisch? Kéint deen net an e Cours goen a Lëtzebuergesch léieren.*



"Bonjour, alors, ehm, j'ai un problème. La machine ne fonctionne pas comme elle doit. Vous voyez, je pousse le bouton ici, comme ça et vous voyez, ça marche comme ça, qu'est-ce que je fais mal?"

"Eng Minutt, ech ruffen de Patron."

*Uf, dann hätt ech jo kéinte Lëtzebuergesch schwätzen amplaz mech sou ze ploen.*



"Bonjour, schwätzt Dir Lëtzebuergesch w.e.g.?"

"E bëssen., ech probéieren. Ech versti scho gutt."

"Ech wëll en Auto lounen, fir 14 Deeg."

"Quinze jours?"

"Richteg, wat kascht dat?"

"Un instant, ech muss rechnen. Mat zwou oder véier Dieren?"

"Véier Dieren. Dir schwätzt awer gutt Lëtzebuergesch."

"Jo, ech ginn an e Lëtzebuergeschcours an ech si frou, wann ee mat mir lëtzebuergesch schwätzt an net direkt op franséisch äntwert, da kann ech üben."

*Richteg, eigentlech nëmmen esou gëtt een deen d'Sprooch léiert, och encouragéiert se ze schwätzen.*

Marianne Johans-Schlechter

---

## Moien - Eng Bréck fir eis Sprooch, fondée le 16 avril 2005



Notre langue ne doit pas être une barrière mais un pont qui relie tous ceux qui vivent et travaillent au Luxembourg.

C'est pour cette raison que l'association MOIEN-Eng Bréck fir eis Sprooch, a.s.b.l. s'est fixé comme objectif:

- de proposer des cours de luxembourgeois (langue, orthographe, grammaire),
- de stimuler l'usage de la langue luxembourgeoise,
- de créer une plate-forme en vue de s'informer et de faire des échanges dans le domaine de la langue luxembourgeoise,
- de rendre plus accessible la culture et le mode de vie luxembourgeois.

Si vous êtes intéressés par ces activités et si vous voulez nous soutenir, vous pouvez le faire en devenant membre de notre association et en virant 10 € (ou plus) avec la mention: cotisation ainsi que le nom et l'adresse du membre sur le compte CCPL LU28 1111 2368 0023 0000 de MOIEN-Eng Bréck fir eis Sprooch, a.s.b.l. Vous serez alors informés sur nos diverses activités.